# Natur erliewen a verstoen - sech aktiv fir den Naturschutz engagéieren!

## Vun der Theorie zum Engagement an der Praxis: e Formatiounszyklus vum Mouvement Ecologique a vum Oekozenter Pafendall









www.oeko.lu Tel. 43 90 30-1

mouvement écologique

oekozenter pafendall

# D'Uleies vun der Formatioun

Eis natierlech Ëmwelt läit ville vun eis um Häerz: wéinst hirer Schéinheet, hirem Erhuelungswäert, hirer Bedeitung fir d'Aartevillfalt. An awer geet den Aarten- a Biodiversitéitsverloscht zu Lëtzebuerg - trotz positiven Initiativen - weider.

**Geet et Iech net duer, duerch Är Memberschaft an enger Organisatioun, den Akaf vu Bioproduite … eppes géint dës Entwécklung ze maachen?**

**Dann ass dëse Formatiounszyklus vum Mouvement Ecologique an Oekozenter Pafendall genau dat richtegt fir Iech… !**

Mir wëllen Iech net nëmmen d'Natur entdecke loossen, verstoe léiere wéi eng Zesummenhäng et do gëtt, mee och dat néidegt Wëssen an Ureegunge vermëttelen, sech fir den Erhalt vun eiser Natur a Landschaft ganz konkret anzesetzen: an Ärer Gemeng, an Ärer Regioun, an engem Veräin, am Mouvement Ecologique…

**En Zyklus vu 6 Aktivitéiten vu Mee bis Oktober 2018**

Um Terrain, an der Natur, wëlle mer **Landschaften a Liewensraim** mat hire spezielle Planzen- an Déierenaarte kennen an Zesummenhäng verstoe léieren. Wéi sinn déi Liewensraim am Gaang ënnert dem Afloss vum Mënsch (z.B. duerch Land- a Forstwirtschaft, Siidlungsentwécklung, Ëmweltbelaaschtung, Klimawandel…) ze veränneren? Wouduerch genee ass dee grousse Verloscht u Biodiversitéit bedéngt?

Mir wëllen awer ons och informéieren, **wien fir Naturschutz hei am Land zoustänneg ass, wat fir Gesetzer a Prozeduren et gëtt**, déi en Afloss hunn op den Naturschutz (Naturschutz-, Bësch-, Waasserwirtschaftsgesetz, Gesetz iwwert d'Bebauung an den Uertschaften, d'Landesplanung…). Wéi eng Etüden mussen hautdesdaags gemaach ginn, wann en Agrëff an d'Natur geplangt ass? Wéi kann een e Liewensraum zu Lëtzebuerg schützen oder restauréieren? Wéi eng Programmer gëtt et fir Liewensraim an Aarten ze schützen?

A mir wëlle ganz besonnesch driwwer schwätzen, **wéi ee kann aktiv ginn fir méi Naturschutz duerchzesetzen**: A wéi enge Prozedure kann een als Bierger sech abréngen? Wat kann eng Gemeng maachen, wat deen Eenzelen, wat Veräiner? Op wat z.B. uechten, wann e Lotissement an der Gemeng geplangt ass? Wéi kann een méi Gréngs an eis Uertschaften erabréngen? Wéi ka mat de Baueren zesumme méi Naturschutz an eiser Kulturlandschaft konkret gemaach ginn? Wat bedeit eng méi naturno Forstwirtschaft?...

**D'Iddi: De Programm vum Zyklus selwer matgestalten**

**D'Erfarungen, d'Froen an d'Erwaardunge vu jiddwerengem, deen um Zyklus deelhëlt, sollen an de Programm kënnen afléissen.**

**Duerfir sti just d'Terminer an d'Theme vun deenen 2 éischte Veranstaltunge fest.**



# Déi 2 eischt Veranstaltungen

## 1. Um Beispill vun de Faubourg'en vun der Stad Lëtzebuerg: Biodiversitéit an engem Quartier / enger Uertschaft

Fir déi meescht vun eis verbënnt een eng Stad net direkt mat Natur, am Géigendeel… Haiser a Stroossen, versigelt Biedem, vill Läit…; wou soll do Plaz sinn fir Liewensraim, Déieren- a Planzenaarten? Fir mat dësem Viruerteel opzeraumen, geet eiischt Visitt am Kader vun dëser Formatioun an d'Faubourg'en vun der Stad Lëtzebuerg. Mir begéinen op engem ofwiesslungsräichen Tour eng Villfalt vu Liewensraim an Aarten, déi hei hir Réckzuchgebidder fonnt hunn!

Wat mécht grad eng Agglomeratioun esou interessant, och esouguer fir bedreeten Aarten? Wat kann eng Gemeng, wat kënnen Awunner maachen, fir déi och weider schütze resp. méi "urban" Biodiversitéit ze erméiglechen? Kann een des Erkenntnisser op d'Gesamtfläch iwwerdroen?

Verbonne mat enger Aféierung an de ganze Formatiounszyklus, schwätze mer dës Iwwerleeungen op engem Tour duerch d'Quartier'en un. Duerno gëtt dat Ganzt verdéift – dëst bei engem Patt a mat eppes z'iessen.

**Dënschdes, den 8. Mee 2018 vun 18.30 – 21.30 R.V. am Oekozenter Pafendall 6, rue Vauban an der Stad.**

## 2. Prakteschen Naturschutz an enger Gemeng

Naturschutz op Gemengenniveau bitt vill Méiglechkeeten sech am Klengen an am Groussen ze engagéieren: Naturno Begréngung an den Dierfer, Aarteschutz u Gebaier, awer och Renaturéierung vu klenge Baachen, Restauréierung vun ausgeraumten Agrarlandschafte kucke mir eis zesummen unhand vu konkrete Beispiller um Terrain un.

Wat ass de Kader, deen den Nationalen Naturschutzplang setzt? Wat kann den Eenzelen a wat kann d'Gemeng maachen? Wat fir eng Aarbechte mécht am beschten en Naturschutzsyndikat? Wou sinn d'Problemer bei der Ëmsetzung mat Proprietären a Baueren a wéi kann een se léisen ?

No enger Bustour fir eng Rei konkret Realisatioun um Terrain ze kucken, setze mer eis zesummen am regionale Biodiver-
sitéitszentrum fir eis ënnert eneen auszetauschen.

**Dënschdes, de 5. Juni 2018 R.V. zu Olm beim Regionalen Biodiversitéitszentrum vum SICONA, 12, rue de Capellen, Olm.**

# De Programm duerno?

Zesumme wëlle mer no der 2. Seance schwätzen, wat de Läit, déi um Zyklus deelhuelen, am meeschten um Häerz läit, wéi en weidert Hannergrondwëssen a wéi eng Iddie fir Aktiounen si brauchen, fir sech konkret am Naturschutz ze engagéieren.

Doropshi plange mer zesummen di nächst Veranstaltungen, hir Terminer an hir Schwéierpunkten.

D'Themevillfalt ass dobäi grouss: da geet vun enger nohalteg Bewirtschaftung vum Bësch, Naturschutzgebidder an Natura 2000-Gebidder bis hin zu spezifeschen Aarteschutzprogrammer wéi och dem Landschaftsschutz an aneren…

Di nächst Terminer wieren dann am Juli, an der 2. Halschent September resp. am Oktober.

# Umeldung

Dir sidd interesséiert ?

**Dir kennt iech umelle bis den 2. Mee 2018 per Email un meco@oeko.lu oder un Mouvement Ecologique 6, rue Vauban L-2363 Lëtzebuerg.**

D'Zuel vun de Läit, déi kënnen deelhuelen, ass op 25 begrenzt. Viraussetzung fir d'Umeldung ass, datt een sech engagéiert un

4 vun de 6 Seancen deelzehuelen. Virkenntnesser si keng néideg. Wichteg ass Interessi a Motivatioun fir sech no der Formatioun och konkret ze engagéieren.

Schreift w.e.g. duerfir an Är Umeldung eng kuerz Motivatioun dran: wat Dir sou maacht a firwat Dir Iech fir di Formatioun interesséiert. Mir mellen ons dann, fir Iech ze informéieren, ob Är Umeldung ugeholl ass a fir Iech weider Detailer ze ginn.

Bedeelegung un den Onkäschten (Iessen, Gedrénks, Bus, Ënnerlagen): 90.- € fir Membere vum Mouvement Ecologique, 120.- € fir Net-Memberen, 40.- € fir StudentInnen.

Fir Member ze ginn an sou reegelméisseg Informatiounen ze kréien: www.meco.lu (Cotisatioun: min. 50.- € fir Eenzelmemberen, 75.-€ fir Haushaltsmemberschaft, 20.- € fir StudentInnen an Aarbechtsloser).

Nofroe kennt der och per Email maachen: meco@oeko.lu